RTL



LIFESTYLE - MISSION ACCOMPLIE FIR DE RENÉ CLOSTER

# En Donneschdeg war dem Papp vun der Air Rescue säi leschte Schaffdag

Vum Jeannot Ries (Télé) | Update: 29.04.2021 19:15 |

**Zanter 1988 ass de René Closter bei der Air Rescue, en Donneschdeg hat hien elo säi leschte Schaffdag.**

"*Ech hu fir déi Firma hei gelieft. Dat war mäin een a mäin alles. Ech hunn och alles ginn dofir. Ech konnt dat awer och nëmme maachen, well ech déi immens Chance hat, déi richteg Leit ze begéingen. Déi Leit, déi grad sou enthusiastesch waren, grad sou engagéiert waren a grad sou loyal waren der Iddi géintiwwer wéi ech.*", esou de René Closter. "*Bei der LAR schafft een net, et ass ee bei der Air Rescue, mat Leif a Séil.*"

Ugefaangen huet alles 1988. Aus enger gewësser Frustratioun eraus. Als Beruffspompjee huet de geléierten Elektro-Techniker an den 80er Jore materlieft, wéi schwéier et war, en auslänneschen Helikopter erbäizekréien, fir e Patient an akuter Nout an eng Klinik an d'Ausland ze fléien. E puer Kolleegen hu sech 1988 zesummegedoen a reagéiert. En éischten Deal gouf deemools mat der däitscher Rettungsflugwacht ofgeschloss.

"Mir haten awer keng Suen. Dunn hunn ech eng Hypothéik op mäin Haus opgeholl deemools, fir kënne Suen ze kréien. An dunn hu mer en Helikopter verlount krut, mat engem Pilot."

"*Duerch d'Vitess Mënscheliewe retten.*" 1991 gouf den Helikopter vun der Air Rescue an de Lëtzebuerger Samu integréiert. Haut fléien d'McDonnell-Douglas eng 12 bis 13 honnert Asätz d'Joer, bei déi nach emol eng 1.000 Missiounen an der däitscher Grenzregioun derbäi kommen.

"*Virun allem wëll ech eis alleguerte felicitéiere fir déi gutt Entente, déi an der Tëschenzäit iwwer déi laang Jore sech etabléiert huet. Tëscht dem 112, haut de CGDIS an der Air Rescue. Dat war am Ufank net ëmmer sou.*"

D'Air Rescue ass mat de Joren gewuess. Op 180.000 Member. Um Findel sti 7 Helikopter a 6 Ambulanz-Fliger. 2016 gouf grad dee Service als "Best Air Ambulance provider" vum Joer weltwäit ausgezeechent.

"*Dat lescht Joer ware mir mat eise Fliger an 99 Länner op der Welt, fir Patienten zeréckzebréngen.*"

Houfreg ass de René Closter op den Asaz vun dësen Helikopter, deen zanter 4 Joer am Kader vun der Lëtzebuerger Participatioun u Frontex, zu Lampedusa stationéiert ass, fir Flüchtlingsbooter am Mëttelmier ze lokaliséieren. Eng 3.000 Mënschen hätten op déi Manéier kënne gerett ginn. Iwwer d'Joerzéngt, gouf et weider humanitär Aktiounen an Albanien, Iran a Pakistan.

"*Wann een dat net selwer gesinn huet, da weess ee guer net, ëm wat et do geet. Da gesäit een net déi Mënschen, déi do derhannert sinn. Schicksaler, déi do derhannert stinn. De Misär.*"

D'Mënscheliewen, déi zanter 1989 gerett konnte ginn, sinn haut net méi ze zielen. An de René Closter wäert och net ganz lassloossen. Un d'Politiker a verschidde Fonctionnairen ass et de Clin d'Oeil, sech net ze vill ze freeën. "Ech bleiwen awer derbäi", als President.

